N° 8224
Entrée le 26.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8224 vum 10. August 2023 vum Här Deputéierten Claude Lamberty.**

*Kann den Minister dëst confirméieren? Wa jo, aus wéi enge Grënn gëtt dës Iddi vum Mobilitéitsministère am Moment net consideréiert?*

Déi aktuell Passerell ënnert dem Pont Victor Bodson ass eng Struktur, déi ausschliisslech drop ausgeluecht ass fir Inspektioune respektiv den Entretien vun der Bréck ze erméiglechen. Deemno ass déi disponibel Héicht duerch d'Struktur vun der Bréck op 1 bis 2 Meter limitéiert.

D'Passerell ass also weder fir eng Benotzung duerch de Foussgänger nach fir Vëlosfuerer gëeegent. Zousätzlech sief och drop higewisen datt eng Benotzung (ausser fir Inspektiounen an den Entretien) vun dëser Struktur am Géigesaz zum Sécherheetskonzept vun der Bréck géif stoen.

*Ginn et vu Säit vum Ministère alternativ Propose fir den Houwald mam Holleschbierg fir déi douce Mobilitéit ze verbannen? Wann net, wéi géif en eventuelle Projet ausgesinn?*

Aktuell gëtt keng direkt Verbindung tëscht dem Houwald an dem Holleschbierg studéiert. Ee Vëloswee, deen Houwald an Hesper laanscht d'Drosbech matenee verbënnt, an zu Hesper och un d'PC1 uschléisst, ass aktuell an der Detailplanung. Den Holleschbierg kann an Zukunft iwwert ee kommunale Vëloswee vun der PC1 aus erreecht ginn.

Lëtzebuerg, den 26. September 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch